



#### 4. 7335 - Proposition de modification des Annexes 4 et 5 du Règlement de la Chambre des Députés

##### Rapport de la Commission du Règlement

► **M. Gast Gibéryen** (ADR), *rapporteur*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi eise President elo grad gesot huet, diskutéiere mer de Mëtten, a mer stëmmen och driwwer of, iwwer eng Proposition, fir eist internt Reglement ofzeänneren, méi spezifesch wat d'Annexe 4 a 5 vum Reglement ubelaangt.

D'Annexe 4 a 5, déi regelen de Statut an d'Gehälterregimier vun eise Fonctionnaires. Duerfir vläicht eng Virbemierkung: Firwat d'Chamber de Statut an d'Gehälterfro vun hire Fonctionnaire selwer regelt a firwat datt eis Fonctionnaires net ënnert den allgemenge Statut vun der Fonction publique falen, huet ganz einfach domadder ze din, datt d'Chamber domadder hir Onofhängegkeet als éischte Pouvoir vis-à-vis vun der Exekutiv, also der Regierung, wëllt dokumentéieren.

D'Chamber, vertrueden duerch hire Bureau, decidéiert selwer, wéi vill Fonctonnairë si astellt, wat fir eng Fonctionnaire si astellt, wat fir Formation, Konditiounen déi eenzel Leit mussen erfüllen, fir hei kënnen an der Chamber ze schaffen. D'Chamber ass also autonom an hiren Decisiounen.

De Statut an de Gehälterregimier vun eise Fonctionnaires ass awer gréisstendeels deeselwechte wéi an der gesamter Fonction publique. Duerfir ginn och an der Regel déi Ännerungen, déi duerch d'Gesetz an der Fonction publique virgeholl ginn, duerch a ginn duerno vun der Chamber hei tel quel praktesch iwwerholl. An dat ass och d'Proposition fir dës Ännerung an den Annexe 4 a 5 vun eise Reglement.

Den Ausgangspunkt heivunner ass am Fong d'Reform vun der Fonction publique aus dem Joer 2015, wéi eng Rei vu Gesetzer ëmgesat si ginn. Et sinn dat d'Gesetzer vum 25. Mäerz 2015, vum 3. Juni 2016, vum 7. November 2017 a vum 8. Mee dëst Joer. Duerch déi véier Gesetzer hu mer am Fong Dealer vun deem Accord salarial vun 2015 hei am Gesetz ëmgesat.

Mir hunn elo kierzlech nach e Gesetz hei iwwert d'Zäitspuerkonte gestëmmt an der Fonction publique. Dat ass elo an dëser Proposition nach net mat dran. Dat ass eng Aarbecht, déi déi nächst Chamber da muss maachen, fir dat och an eis Annexe 4 a 5 ze iwwerhuelen.

D'Modifikatiounen, déi eist Reglement elo virhëlt, déi sinn hei am Haus tëschent dem Bureau, deen derfir verantwortlech ass, der Direktioun an der Personalverriedung diskutéiert ginn an engem Accord festgehale ginn. Deem Accord huet de Bureau a senger Sitzung vum 19. Juni dëst Joer zougestëmmt.

Wéi gesot, d'Ännerungen, déi virgeholl gi sinn, si praktesch deiselwecht, wéi se an den Accorden vun der Fonction publique waren a wéi se duerch d'Gesetzer hei an der Chamber ëmgesat si ginn. Duerfir brauch een hei net méi an den Detail dovunner anzegoen.

Wat d'Entrée en vigueur ubelaangt, gëtt et verschidden Datumer, fir och hei deiselwecht Datumer ze hunn, wéi se an der gesamter Fonction publique sinn. D'Annexe 4 a 5 triede generell den 1. September a Kraaft. D'Dispositionen, déi am Artikel 15 sinn, wat d'Allocation de famille ubelaangt, gi réckwierkend op den 1. Januar 2018, an d'Dispositionen am Artikel 16, wat d'Allocation de repas ubelaangt, gi réckwierkend op den 1. Januar 2017, esou wéi se an der Fonction publique och festgehale sinn.

Dëse Rapport ass de 17. Juli an der Reglementskommission eestëmmege ugeholl ginn. An ech bieden och duerfir am Numm vun der Kommission d'Kolleeginnen an d'Kolleegen heibannen, fir dës Propositionen zouzestëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Den Här Paul-Henri Meyers huet d'Wuert.

##### Discussion générale

► **M. Paul-Henri Meyers** (CSV).- Här President, ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schréfftlechen a mëndleche Rapport a bréngen den Accord vun der CSV.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Bodry.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Deem ass eigentlech net vill bäizefügen. Och d'LSAP-Fraktioun bréngt hiren Accord eran.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Berger.

► **M. Eugène Berger** (DP).- Et gëtt ëmmer méi schwierig, Här President. Ech wëll awer och dem Rapporteur e Merci soen an den Accord vun eiser Fraktioun zu dëse Modifikatiounen bréngen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Madamm Loschetter!

► **Mme Viviane Loschetter** (déi gréng).- Jo, ons geet et net anescht, Här President. Mir soen dem Rapporteur Merci a mir stëmmen déi Proposition de modification mat.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Baum.

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Och mir wäerten dës Proposition de modification matstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat ass alles gesot a mir kënnen ofstëmmen.

##### Vote sur la proposition de modification 7335 du Règlement de la Chambre des Députés

Elo hu mer d'Maschinn souguer iwwerrascht!

##### (Hilarité et interruption)

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen.

60-mol Jo. Unanimitéit. Domat sinn d'Annexe betreffend de Statut vun Personal vun eise Chambersreglement an deem Sënn geännert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Martine Mergen), Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), Françoise Hetto-Gaasch (par M. Laurent Mosar), M. Aly Kaes (par M. Paul-Henri Meyers), Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank (par M. Jean-Marie Halsdorf), Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Diane Adehm), Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferdin, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Merci. Da géife mer zum nächste Punkt iwwergeen, dem Projet de loi 7169 iwwert den zéngte Fënnefjoresprogramm am Tourismus. An d'Rapportrice ass schonn a Stellung. D'Madamm Tess Burton huet d'Wuert.

#### 5. 7169 - Projet de loi ayant pour objet d'autoriser le Gouvernement à subventionner l'exécution d'un dixième programme quinquennal d'équipement de l'infrastructure touristique

##### Rapport de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton** (LSAP), *rapportrice*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, den Tourismussecteur hei zu Lëtzebuerg boomt. Kuckt ee sech näamlech d'Zuele vun den Iwwernuechtungen hei zu Lëtzebuerg un, da verzeechent Lëtzebuerg säit sechs Joer nei Rekorder: Déi magesch Zuel vun dräi Milliounen Iwwernuechtungen konnt d'lescht Joer iwwerschratt ginn. Mä net nëmme d'Iwwernuechtungen, och d'Visitte vun den touristeschen Attraktiounen ginn an d'Luucht a beweisen, dass Lëtzebuerg duerchaus eng Destination ass, déi gare vum Tourist erausgesicht gëtt, fir seng Vakanz hei ze verbréngen respektiv geschäftlech e puer Deeg hei bei eis am Land ze verbréngen.

Dës exzellent Zuele beweisen awer och, dass all déi Efforten, déi déi lescht fënnef Joer an d'Promotioun an an d'Professionaliséierung vum Sektuer gestach gi sinn, hir Friichten droen.

Ugefaangen domat, dass den Tourismusministère 2013 zesummegeluecht ginn ass mam Wirtschaftsministère. Dës strukturell Reform ass

haut bal vergiess, well se net contestéiert war an op der Hand louch. Domat huet den Tourismus näamlech och déi néideg Bedeitung kritt - den Tourismus ass domat e Pilier vun eiser nationaler Economie ginn.

Dann huet och den Office national du tourisme, ofgekierzt den ONT, eng nei Struktur kritt. Aus dem ONT ass den LFT - Luxembourg for Tourism - ginn. Den LFT ass e Groupement d'intérêt économique - eng Initiativ, déi am Dezember 2015 vum Wirtschaftsministère gegrënnt ginn ass an an där déi fënnef Offices régionaux du tourisme dra vertruede si souwéi och d'Stad Lëtzebuerg, den LCTO an d'Chambre de Commerce, de Sektuer vum Transport an den Hebergement. Dës nei Struktur erlaabt e bessert Zesummeschaffen ënnert deene professionellen Akteure vum Tourismus am Verglach zum ONT virdrun, dee vun 90 Gemengen hei am Land geréiert ginn ass.

D'Haaptmissioun vum LFT ass et, fir Lëtzebuerg als Touristendestination am Ausland ze promouvieren, mä och fir all Akteur aus dem Tourismussektor, sief dat privat oder öffentlich, heiheim ze hëllefen, seng touristesch Offer ze verbessern an domat Lëtzebuerg méi attraktiv fir d'Touristen ze maachen.

Da gouf och 2016 en neien Office régional du tourisme gegrënnt, dat fir d'Regioun Zentrum-Westen. Domat ass de Ministère och enger laanger Nofro vum Terrain nogaangen. Domat ass dann elo och all Regioun hei zu Lëtzebuerg duerch en ORT ofgedeckt.

Et ginn elo am ganze fënnef ORTen hei am Land: ee fir d'Regioun Mëllerdall, d'Ardennen, d'Musel, de Süden an eben elo och fir d'Gutland.

D'Aufgab vun den ORTen ass et, d'Koordinatioun ënnert den touristeschen Akteuren aus der jeeweileger Regioun besser openeen ofzestëmmen an och déi touristesch Offer duerch eng Professionaliséierung ze verbessern. All ORT ass Member am LFT, där nationaler Struktur fir den Tourismus ze fërderen, an domat vertritt dann och all ORT seng Regioun um nationalen Niveau.

Dann huet de Wirtschaftsministère och eng nei Struktur gegrënnt, fir de Kongress- a Geschäftstourismus hei zu Lëtzebuerg weider auszubauen. Dës Sektuer huet näamlech e ganz groust Potenzial hei zu Lëtzebuerg an dofir ass 2014 de MICE-Cluster gegrënnt ginn - eng Plattform, déi verschidde Partner zesummebréngt, fir de MICE-Beräich hei zu Lëtzebuerg ze entwéckelen a virun allem Lëtzebuerg als MICE-Standuert am In- an am Ausland ze vermaarten.

Niewent all deene strukturellen Initiativen, déi déi lescht fënnef Joer entstane sinn - an op déi ech elo grad kuerz agaange sinn -, ass awer och eng nei Strategie fir den Tourismus hei zu Lëtzebuerg ausgeschafft ginn, dëst op Initiativ vun der Staatssekretärin Francine Closener. Mat dëser Strategie ass elo d'Richtung definéiert ginn, wéi den Tourismus sech hei zu Lëtzebuerg an deenen nächste fënnef Joer weider entwéckele soll, nei Aarbechtsplaze schafe soll an domat och zu der ekonomescher a sozialer Entwécklung vu Lëtzebuerg bäidroen soll.

Bei deene Reflexiounsaarbechten ëm déi nei Strategie waren eng Rei Partner mat u Bord. Den LFT, de MICE-Cluster, den LCTO an déi fënnef ORTen hunn dës nei Strategie zesumme mam Wirtschaftsministère ausgeschafft.

Dës Strategie ass op aacht Pilieren opgebaut an huet als Zil, aus Lëtzebuerg weider eng erfollegräich Touristendestination ze maachen. D'Strategie verfollegt eng besser Zesummenaarbecht vun allen Akteuren a Regiounen souwéi eng Verbesserung vun de wichtegsten touristeschen Infrastrukturen, fir dem Tourist, deen an eist Land kënnt, e beschtméiglechen Openthalt ze garantéieren. Den Tourist soll an Zukunft nach méi am Mittelpunkt stoen, fir datt hie sech nach méi an eise Land wëllkomm fillt. Gradesou leet dës Strategie awer och Wäert drop, fir eis Atouten, wéi eis Authentizitéit, eise kulturellen an industrielle Patrimoine an eis intakt Natur, nach méi an de Vierdergrond ze stellen. Lëtzebuerg huet ganz vill Atouten, fir sech als Vakanzendestination ze positionéieren a sech vun der Konkurrenz ze ënnerscheeden.

A fir dass de Ministère an alleguer d'Akteuren aus dem Tourismusberäich dës Strategie ëmsetze kënnen, aus Lëtzebuerg eng besser Touristendestination ze maachen, muss d'Regierung dem Tourismus och déi finanziell Moyenen zur Verfügung stellen.

Här President, de Projet de loi, iwwert dee mir haut hei ofstëmmen, gëtt dem Wirtschaftsminister d'Autorisatioun, fir den zéngte Fënnefjoresplang vun den touristeschen Infrastrukturen ze subventionéieren. Bis 2022 wäert de Ministère den Tourismussektor hei zu Lëtzebuerg mat 60 Milliounen ënnerstëtzen.

De Gesetzesprojet, ëm deen et hei geet, ass den 10. August d'lescht Joer vun der Staatssekretärin fir de Wirtschaftsminister deposéiert ginn, an et ass den zéngte Fënnefjoresplang fir den Tourismus hei zu Lëtzebuerg.

Dat éischt Konzept vun engem Fënnefjoresplang fir den Tourismus gouf 1973 opgestallt. Säitdeem gouf et néng Fënnefjorespläng mat finanziellen Hëllefen. Déi éischt Finanzenveloppe 1973 huet 3,72 Milliounen ëmfaasst an déi lescht eng ronn 45 Milliounen Euro.

Déi Projeten, déi mat de Fënnefjorespläng ënnerstëtzt goufen, hu sech iwwert d'Joren och verännert. Esou goufen 1973 just d'Gemengen an d'Syndicate finanziell ënnerstëtzt. No an no konnten och d'Hotellerie, d'Giten an och Projeten, déi de kulturelle Patrimoine valoriséieren, duerch de Fënnefjoresplang subventionéiert ginn.

Ab dem véierte Fënnefjoresplang konnten och privat Projeten subventionéiert ginn, déi wichteg ware fir d'Regioun, gradesou wéi dass d'Hotelieren an d'Campingbedreier ab dunn och konnte beim Bau oder der Modernisatioun vun Iwwernuechtungsméiglechkeete subventionéiert ginn.

Virun allem déi lescht fënnef Plan-quinquennale waren Deel vun engem gesamter Strategiekonzept, dat op Demande vum Tourismusministère 1992 vum Institut européen de tourisme vun der Uni Tréier entwéckelt gouf. Dës Strategie, déi deemools ausgeschafft gi war, huet op där globaler Visioun vum Tourismus berout, fir d'Wuelbefanne vum Tourist, mä och dat vum Awunner an de Vierdergrond ze stellen.

Här President, den neien an domadder zéngte Fënnefjoresprogramm fir déi touristesch Infrastrukturen, deen haut ofgestëmmt gëtt, schreift sech haut deemno an an déi national Tourismusstrategie, déi ufanks des Joers, wéi virdu schonn erwänt, vun der Staatssekretärin presentéiert ginn ass.

Nei am zéngte Fënnefjoresplang ass, dass ee méi einfach un Investissementer soll kommen, well den Delai, fir d'Dossieren ze traitéieren, reduzéiert gëtt. Domat wëllt een eng Simplification administrative errechen, gradesou wéi an dësem Plang eng Prioritéit op d'Digitalisatioun geluecht gëtt. D'Exploitantë vun den Iwwernuechtungsméiglechkeete sollen ënnerstëtzt ginn, wa se zum Beispill hiren Online-Optritt verbessern oder en Online-Buchungssystem aféieren.

De Ministère ka bei allen Investitiounen, déi ënner dat heite Gesetz falen, bis zu 50% ausbezuelen. An och huet de Ministère d'Méiglechkeet, fir méi héich Aiden ze accordéieren am Fall, wou déi regulär Aide net duergeet, fir de Projet ze réaliséieren an de Projet awer en nationalen Interêt huet.

Eng weider Prioritéit vun dësem Projet de loi gëtt op de sougenannten „Design for all“ gesat. Beim „Design for all“ geet et ëm d'Accessibilitéit vun den Infrastrukturen, dass déi touristesch Offere fir jiddwereen och zougänglech solle sinn.

Da gëtt awer och weider Wäert op d'Organisation vum Tourismus geluecht, dat heescht op déi touristesch Ausbildung wéi och op de Marketing. D'Aarbecht vun deene fënnef ORTe soll deemno weidergefouert ginn an och op méi Akteuren opgedeelt ginn, fir d'Professionaliséierung vum Tourismussektor auszubauen. Mir wëssen näamlech, dass d'Aarbecht vun de Benevollen an deem Beräich un hir Limitte stéist. An dofir ass et wichteg, dass d'Gestioun an d'Promotioun vun den touristeschen Infrastrukturen méi professionaliséiert gëtt.

Déi gesamt finanziell Enveloppe vum zéngte Fënnefjoresplang fir déi touristesch Infrastrukturen ëmfaasst ronn 60 Milliounen Euro. Dat ass een Drëttel méi par rapport zum leschte Plang, bei deem 45 Milliounen Euro virgesi waren.

Här President, ech wëll ganz kuerz op e puer Projeten agoen, déi mat dësem Fënnefjoresplang subventionéiert ginn.

Virgesinn ass zum Beispill, dass am Süden de Musée des mines moderniséiert an ausgebaut gëtt - e wichtige Projet, deen d'Vergaangeneheet vun dëser Regioun valoriséiert -, gradesou wéi och de Militärmusée zu Dikrech opgewäert wäert ginn. Och wëll ech déi nei Jugenderberg, déi zu Ettelbréck gebaut wäert ginn, hei erwänen. Dës Iwwernuechtungsméiglechkeete sollen eise Manktum u Better an der Regioun entgéintkommen an och vläicht aner Investisseuren inspiréieren, fir an Iwwernuechtungsméiglechkeeten ze investéieren.